

Stellungnahm Edmée Besch-Glangé (déi gréng)

Här Buergermeeschter,

Dir Häre Schäffen,

Madame an Dir Häre Gemengeconseilleren,

De Budget dee mir virgeluecht kruten an iwwert dee mir haut sollen ofstëmmen, ass den Budget vun der néier an aler Koalitioun.

De Budget ass e wichtegt Dokument, en Dokument, wat d'Spiegelbild vun der Finanzsituatioun an der Zukunftgestaltung vun eiser Gemeng soll sinn.

Eis Gemeng huet an deene leschte Jore vill investéiert Z.B. a Gebaier ewéi d'Schoul zu Mamer an ob der Cap. Mee dat waren Investitiounen déi néideg waren. Investitiounen, déi all Gemeng muss maache wann si e Populationswuesstem, esou ewéi eis Gemeng, vun 3% pro Joer huet. An eisen Nopeschgemenge gesäit dat net anescht aus. Si hunn all och massiv a Schoulen. Maison Relais, Crèchen a Sportinfrastrukturen asw. investéiert. All Kand huet do och seng Plaz.

Mat deenen 28,86% Boni vun den uerdentlechen Recetten, déi Gemeng haaptsächlech bezitt aus dem sougenannte *Fonds de dotation globale des communes*, der Gewerbesteier an dem *Pacte Logement* leie mir, ewéi Dir sot, am Spëtzeplaton vun der kommunaler Landschaft am Grand-Duché. Mee mir leien och do mat eiser Gesamtschold vu ronn 35,8 Milliounen Euro am Spëtzeplaton.

E puer Bemierkungen a Froen zu eenzele Budgetposten.

Recettes ordinaires

Eng Recette vun 56.250 € ass virgesinn aus dem Verkaf vu *repas sur roues*.

An den *Dépenses ordinaires* steet e Betrag vun nëmme 50.000 €. D'Gemeng mécht also beim Verkaf vun den Tickete vun der Croix Rouge e **Benefice** vu 6.250 €.

De Bierger bezilt fir säin lessen **15 €** an d'Gemeng bezilt un d' Croix Rouge fir en lessen **13,33 €**. Ech ginn es net midd, fir op dëser Plaz et ëmmer erëm ze widderhuelen, dass dat net gerecht ass. An der Kielener Gemeng z.B. bezuelen d'Bierger fir dat selwecht geliwwert lesse vun der Croix Rouge 11 €.

Wann eng Gemeng 27.500 € fir eng Äispiste, 32.000 € fir Locatioun vun engem Chalet an 20.500 € fir den Chrëschtmaart, also am Ganzen 80.000 €, ouni déi

zousätzlech Fraisen, kann ausgi fir déi kuerz Zäit, dann ass et traureg fir eis Gemeng, wann si dem Bierger 1,67 € méi freet fir säin lessen wéi si selwer bezilt un d’Croix Rouge.

E Betrag vun 50.000.- € steet dra fir eng Etüd fir eng Transformatioun vum Mamer Schlass. Wéi soll déi Transformatioun ausgesinn?

En Betrag vun 50.000 € fir eng Etüd fir den Haff vum Mamer Schlass ze iwwerdecken.

Fir Iwwerdecke vum Haff vum Mamer Schlass, do froe mir eis fir wat dat gutt ass. Fir wat fir en Zweck? Wéi oft soll dovunner profitéiert ginn am Joer bei iergend enger Manifestatioun?

Mir sinn och der Meenung, dass esou en Daach de Charme vum Schlass ewech hält.

E Betrag vu 7.000 € fir d’Redaktioun vum Bericht vun der Gemengerotssëtzung.

Fir déi gréng soll dee Bericht méi objektiv ginn a vun engem vereedegte Gemeindebeamte geschriwwe ginn.

An ärer Schäfferotserklärung do schreift dir, dass „d’Gemeng wäert verstärkt Léierplazen ubidden“. Dat begrëisse mir.

400 € si virgesi fir d’Indemnitëit bei engem Stage vun engem Jonken. Do si mir der Meenung: dat geet net duer. D’Gemeng soll sech méi engagéiere fir déi Jonk! Déi brauche Stage fir hir Zukunft an och spéider wann si sech bewerbe fir eng Aarbecht.

145.000 € si virgesi fir Studenten, wou jidderee weess, dass do net esou vill derbäi eraus kënt ausser, dass si vun der Strooss sinn an e bësse Vakanzegeld kréien.

9.070 € si virgesinn fir de „Service Senior“. Do vermësse mir e Konzept vun engem Projet fir deenen eeler Leit eng Hëllef unzëbidde bei klengen Hausaarbechten esou ewéi bei Reparaturen.

100.000 € si virgesi fir d’Placke vum CFL-Parking ob der Cap ze ersetzen. Wirwat net gläich do an och zu Mamer um CFL-Parking mBoxen histelle fir dass de Bierger säi Vëlo ka sécher ofstelle wann en den ëffentlechen Transport benotzt?

Dépenses extraordinaires

An den *dépenses extraordinaires* do fënnt een eng Onmass vun Etüden. Ech picken der just e puer eraus:

50.000 € si virgesi fir eng Etüd fir *d'Place de la Résistance* zu Holzem ze erneieren. Do géife mir et begréissen, wann dat gemaach géif gi mat der Bedeelegung vun de Bierger.

Wéi gesäit et aus mam Holzemer Festsall, der Vergréisserung vum Keller, der Erneiereung vun der aler Kichen?

350.000 € fir *d'Place de l'Indépendance* zu Mamer ze erneieren. Firwat huet de Schäfferot net e *Share Space*-Projet gemaach an de Parking „Schungeschten“ mat integréiert.

50.000 € fir den „Wëllebau“. Wéi gesäit dat aus? Keeft d'Gemeng de Bau? Oder bedeelegt si sech nëmmen un den Onkäschten vun der Remise en état?

E Betrag vun 1.000.000 € ass virgesi fir en Haus oder Terrain ze kafen. Dëse Betrag geet eis net duer. Fir déi gréng ass et wichteg, dass d'Gemeng Terraine keeft an Haiser.

An dësem Budget fanne mir positiv Projeten déi mir och wäerte matstëmmen. Mee mir vermessen awer de soziale Volet esou wéi Akzenter am Beräich Ëmwelt- a Klimaschutz.

Mir wäerten duerfir och dëse Budget net matstëmmen.

Ech wëll jidderengem aus de Gemengeservicer, déi bei der Aarbecht fir dëse Budget matgeschafft hunn, fir hiren Asaz an hiert Kënnen Merci soen.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.